PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

De Luxembourg Institut of Health (LIH) huet am Kader vun der Covid Pandemie eng éischt Studie zum sougenannten "Long Covid" ugefaangen. Hei solle Patienten, déi nach ëmmer ënnert de Folge vun hirer Infektioun leiden, hëllefen, dës Krankheet besser ze verstoen.
Fir dës, an enger éischter Phase op 6 Méint ugesaten, Etüd brauch den LIH natierlech Probanden, déi an der Vergaangenheet positiv op de SARS-CoV-2 Virus getest goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hunn déi Persounen, déi an der Etüd matmaachen, sech beim LIH misste mellen oder sinn dës Persoune kontaktéiert ginn?

2. Falls d'Persoune kontaktéiert goufen, kann d'Ministesch de genauen Oflaf, vum éischte Kontakt bis zur Participatioun, erklären? Ass d'Ministesch der Meenung, dass esou ee *Consementent éclairé* garantéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député